



**Äntwert vum Wunnengsbauminister, Henri Kox, a vun der Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°7482 vum 18. Januar 2023 vum Här Fernand Kartheiser betreffend d'« Base légale de la sous-location ».**

#### Betreffend d'Fro n°1

Den Artikel 1717 vum Code civil gesäit vir, dass de Locataire eng Sous-Locatioun ka maachen, wann de Proprietär dës Fakultéit net explizit am Loyerskontrakt verbitt. An deem Fall muss de Locataire dem Proprietär den Numm vun deem oder deene Sous-Locataire och net matdeelen, wann och dat net explizit an enger Klausel vum Kontrakt spezifizéiert ginn ass. Wann eng *“Clause d'interdiction de sous-location”* am Loyerskontrakt steet, dann ass dës Klausel bindend an ëmmer *“de rigueur”*, dat heescht de Riichter muss sech un dës Klausel halen an d'Volontéit vun de Partie respektéieren.

Et kann een awer kee Locataire gesetzlech *“forcéieren”*, dem Proprietär all Sous-Locatioun (respektiv den Numm vun all Sous-Locataire) matzedeele, wann de Loyerskontrakt keng Klausel an deem Sënn virgesäit.

#### Betreffend d'Fro n°2

Den Accès vun Drëttpersonen op Donnéeën aus dem Populationsregëster ass vum Artikel 41 vum ofgeännerte Gesetz vum 19. Juni 2013 iwwert d'Identifikatioun vu physische Persoune gereegelt:

*« Art. 41. Les données ou listes de données figurant au registre national ou communal ne peuvent être communiquées à des tiers. Cette interdiction ne vise pas les autorités, administrations, services, institutions ou organismes habilités, par ou en vertu de la loi, à obtenir de telles données ou listes de données et ce pour les informations sur lesquelles porte cette habilitation. ».*

Am Moment gëtt net dru geduecht, fir deen Artikel z'änneren.

#### Betreffend d'Fro n°3

Bei der Sous-Locatioun handelt et sech ëm zivilrechtlech Froen, déi net an der Kompetenz vun der Gemeng leien.

Ob e Loyerskontrakt eng Klausel *“Interdiction de sous-location”* huet oder net geet nëmmen déi concernéiert Parteien (Locataire, Proprietär/Bailleur an en eventuelle Sous-Locataire) eppes un. Och spillt et fir d'Gemeng keng Roll, ob déi Persoun, déi an der Wunneng ugemellt ass, e Locataire oder e Sous-Locataire ass.

Eng legal Obligatioun, fir der Gemeng eng Kopie vun all Loyerskontrakt *“automatesch”* bei enger Sous-Locatioun (oder bei all Locatioun) virzeleeën, gëtt et am Moment net. An deem Kontext muss een erwänen, dass d'Loyersgesetz vun 2006 aktuell nach ëmmer virgesäit, dass e Loyerskontrakt och mëndlech ka gemaach ginn. An sou Fäll kéinten d'Gemenge mol guer keng *“automatesch”* Kopie vum Loyerskontrakt virgeluecht kréien.

D'Gemenge kënnen bei enger Locatioun - besonnesch wann et sech ëm d'Locatioun vu Kummeren handelt - iwwerpréiwen, ob déi concernéiert Proprietéit grouss genuch fir déi do ënnerbruecht Zuel vu Persounen ass. D'Salubritéitsgesetz vum 20. Dezember 2019 gëtt dem Buergermeeschter d'Kompetenz, fir eng Kontroll an enger verlounter Wunneng duerchzuféieren, fir d'Anhale vun de Krittäre vum Gesetz z'iwwerpréiwen, an dat zum Beispill wann et Unzeeche gëtt, dass zevill Leit an der betreffener Wunneng wunnen. Hie ka sech dofir vum Médecin-inspecteur an der Police grand-ducale begleede loossen.

Betreffend d'Fro n°4 verweise mer op d'Äntwert op d'Fro n°2.

Lëtzebuerg, den 21/02/2023.  
De Wunnungsbauminister.  
(s.) Henri Kox